QU N°3749

Le caractère urgent de la question a été reconnu (02.03.2021)

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 2. Mäerz 2021

REÇU
Par Christine Wirtgen , 14:21, 02/03/2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës drénglech parlamentaresch Fro un den d'Madamm Minister fir Gesondheet weider ze leeden.

D'lescht Woch war gewuer ze ginn datt virgesinn ass datt d'Sans-Abri réischt an der leschter Impfphase drukomme fir mam Anti-Covid Vaccin geimpft ze ginn. An anere Länner, wéi Russland oder Rumänien hunn dës vulnerabel Leit eng Prioritéit. A Frankräich ginn d'Sans-Abri am Fréijoer geimpft an och Dänemark huet hinnen elo eng aner Prioritéit an hirer Impfcampagne ginn.

D'Erklärung vun de Responsabele vum Santésministère datt d'Impfung dëse Leit net esou wichteg wier, well hir Prioritéit éier Iessen, eng Schlofplaz oder eng Dusch wier, ass net novollzéibar a spigelt just op dramatesch Aart a Weis de Misär vun dëse vulnerabele Mënschen erëm.

Virun dësem Hannergrond wéilt ech der Madamm Gesondheetsminister folgend Froe stellen:

1. Deelt d'Madamm Minister d'Meenung datt d'Sans-Abri, duerch hir vulnerabel Gesamtsituatioun, missten a méi enger fréier Phase geimpft ginn?
2. Wann nee, aus wéi enge Grënn?

Här President, ech bieden Iech main déifste Respekt unzehuelen.

Paul Galles
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

REÇU
Par Alff Christian , 07:57, 09/03/2021

Luxembourg, le 8 mars 2021

**Réf. :** 837x191b9

**Concerne**: Question parlementaire urgente n°3749 du 2 mars 2021 de Monsieur le Député Paul Galles

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire urgente n°3749 du 2 mars 2021 de Monsieur le Député Paul Galles concernant la « vaccination des sans-abris ».

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Paulette Lenert
Ministre de la Santé

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire urgente n°3749 du 2 mars 2021 de Monsieur le Député Paul Galles concernant la « vaccination des sans-abris ».**

1. *Deelt d'Madamm Minister d'Meenung datt d'Sans-Abri, duerch hir vulnerabel Gesamtsituatioun, missten a méi enger fréier Phase geimpft ginn?*

D'Regierung gesäit vir all de Leit déi a precaire Situatioune liewen (SDF, Drogekranker, Prostituéiert, DPI, Immigrés clandestins, Fraen a Fraenhaiser mat hire Kanner etc.) den Zougang zum Impfstoff ze garantéieren.

De Gesondheetsministère huet an deem Sënn en Aarbechtsgrupp op d'Bee gestallt, an deem och Vertrieder vum Familljeministère, dem Ministère de l'Égalité an den Ausseministère (ONA) vertruede sinn, grad ewéi och d'Stad Lëtzebuerg, d'Stad Esch, Syvicol (fir d'offices sociaux), d'Entente des offices sociaux, Reseaunord, plus sämtlech Asbl'en déi mat de 4 Ministèren konventionéiert sinn, an um Terrain schaffen, fir beschtméiglechst Léisungen auszeschaffen, fir Persounen déi a prekäre Situatioune liewen.

Dësen Aarbechtsgrupp ass net nëmme fir d'Impfung zesummekomm, mee och fir Testing, Large scale, Grippeimpfung, Hébergement fir Isolement, Quarantaine a chronesch Kranker, Schnelltester a lo d'Covidimpfung. D'Erausfuerderung ass d'Invitatioun, well verschidde Leit net bei der CNS affiliéiert sinn an/oder keng Adress hunn. De Gesondheetsministère schafft dofir ganz enk mat den Asbl'en, déi de Kontakt an de Suivi assuréieren.

Virun 10 Deeg huet de Santésministère en Opruff gemaach un de konventionéierte Secteur fir déi Leit ze identifizéieren, déi ënnert d'Impfphase 2 falen ouni Affiliatioun bei der CNS: iwwer 75 Joer oder hautement vulnérable. Déi ginn da vum Personal aus den Asbl'en identifizéiert, ugemellt a ggf. an den Impfzenter begleet. Déi aner kommen un d'Rei ofhängech dovunner wéi al si sinn an a wéi ee medezinescht Bild si passen, den allgemengen Impfgruppenandeelunge no. Spéitstens an der Phase 6a wäerten se all doduerch sinn, also nach virun der allgemenger Populatioun. Och fir si ass d'Impfung fräiwëlleg.

2. *Wann nee, aus wéi enge Grënn?*

D'Impfstratégie gesäit vir, dass d'Leit déi an der Précaritéit liewen, un d'Réi kommen jee nodeem ob si eng speziell Vulnérabilitéit presentéieren oder op Gronn vun enger Virerkrankung oder hirem Alter. Et ass ze präziséieren datt Sans-abris déi keng Vulnérabilitéit presentéieren, wéi se an de Phasen 2 oder 3 déclinéiert sinn, kee méi héijen Risiko presentéieren wéi Leit, déi net an der Précaritéit liewen. Déi Leit déi an der Précaritéit liewen, wann se net scho virdrun éligibel aus engem anere Grond sinn, wäerten also spéitstens hirem Alter no an der Phase 6 geimpft ginn.